Chèques-services an aner biirgerfrëndlech Dingschtleeschtungen

Et ass jo schéin a gudd, dass eis Regierung emol endlech Neel mat Käpp mecht, fir d'Elteren beim Kannerversuergen ze ënnerstetzen.

Chèques-services, Maisons relais, Crèchen, Précoce – dat ass jo alles schéin a gudd. An an e puer Jor soll dat esouguer alles gratis sinn. Nach besser!

Obwuel, wann een dëser Deeg den Artikel an der Press gelies huet, wou d'Meenungen ganz gedeelt driwwer waren, ob et dann elo gudd oder schlecht war, dass di franséisch Ministesch, d'Madame Dati, fënnef Deeg no hierem Accouchement (an och nach per Kaiserschnëtt!) schon erëm hiere politische Flichten nogaangen ass, da sollt ee vielläicht och driwwer nodenken, dass an deem Beräich dies „Gudden" net zevill gemaach gëtt. Frankräich gëtt jo gären als Ideal a punkto ëffentlech Kanner-Betreiungsstrukturen duergestallt; allerdings hu bei enger Ëmfro iwwer 70% vun de Fraen zouginn, dass si sech eigentlech gären mindestens ee Jor oder esouguer nach méi laang selwer géifen ëm hier Kanner këmmeren, mee dat de sozialen Drock, esou séier wéi méiglech erëm an d'Berufsliewen zréckzekommen, immens héich ass.

Wëlle mir hei am Land esou eng Situatioun?

An anerer Hinsicht sollte mer eis awer emol onbedingt eng Nues voll huelen bei eisen Noperen.

Ech schwätzen hei vun den „Aides à domicile" (net vun deenen, déi d'Flegeversécherung mat extremer Knéckegkeet accordéiert), mee vun dem Personal, wat een als Privatpersoun kann engagéieren, fir am Stot ze hëllefen oder eeler Leit ze versuergen, wann d'Leeschtungen vun der Flegeversécherung net duer ginn oder carrément refuséiert ginn, obwuel Bedarf besting.

Do brëtzt eise Stat sech jo gären dermat, dass mir zënter Joren eng ganz einfach Procédure hätten, fir déi Leit unzemelden.

Dozou sief emol fir d'éischt gesot, dass déi Procédure nach ëmmer vill ze vill komplizéiert ass, besonnesch wann een heefeg Krankmeldungen huet, déi

„En anere Problem ass am Krankheetsfall en Ersatz ze fannen" Photo: LJ-Archiv

een da muss schrëftlech melden a wochelaang op de Remboursement vum Loun wuarden, deen een aus der eegener Täsch muss viirstrecken. An och d'Oofmeldung, wann een eng Botzfra muss entloossen, ass räichlech komplizéiert: Net emol bei den „Assurances sociales", mee haaptsächlech wann d'ADEM engem e Koup Paperasse schéckt fir auszefëllen, wou een nëmmen d'Halschent versteet, wat do gefrot gëtt, da vergeet engem d'Loscht, seng Botzfra nach unzemelden.

En anere Problem ass, am Krankheetsfall en Ersatz ze fannen. Praktisch onméiglech!

Ausserdeem ass jo bekannt, dat kaum e Mënsch eng Aarbecht als Aide à domicile als Liewensaufgab betruecht: Wann een eng gudd Hëllef fonnt an ugeléiert huet, dann ass se fort, esoubal si irgendwou e Fulltime-Job ugebuede kritt.

Dann heescht et neess, kléng Annonce veröffentlechen, wuarden bis een oder méi Kandidaten sech melden, Viirstellungsgespréicher arrangéieren, an dann dee beschte Kandidat alt neess uléieren, well jiddereen vun eis huet jo séng eegen Manéier, wéi en d'Aarbecht gäre gemaach hätt. D'Botzfra huet vielläicht bei sech doheem d'Gewunnecht, d'Schong op de Kichendesch ze stellen fir de Buedem ze wäschen, en aneren fënnt dat awer total onhygienisch.

Wann Der awer elo méngt, et wier villäicht eng gudd Iddi, Iech un eng professionnel Botzfirma ze wenden, da sidd Dir och schief gewëckelt: Déi sollen zwar derfir suergen, dass och am Krankheetsfall vun der enger Botzfra en Ersatz geschéckt gëtt, fir dass d'Aarbecht net wochelaang leiebleift, mee wann Dir Iech iwwert d'Präisser vun de Botzfirmaën renséignéiert, da kritt Dir e Schock: Ënner 20 Euro d'Stonn ass keng ze kréien! A wann Dir trotzdem eng Botzfirma engagéiert, da loossen déi Iech och ganz séier setzen, wann Dir hir Servicer nëmmen e puer Stonne pro Woch braucht: Déi sinn eenzeg an eleng u grousse Firmaën interesséiert, wou si hier Equipe all Dag fir e puer Stonnen kënnen hischécken.

An de Combel derbäi ass: Obwuel jo dodurch, dass Privatleit hiert Personal iwwert eng Firma géifen engagéieren, och Aarbechtsplazen geschaf géife ginn, kënnt Dir d'Rechnungen vun der Botzfirma net vun de Steieren oofsetzen! Den Montant déductible vu maximal 3.600 Euro gëllt nëmmen fir Personal, wat ee selwer ugemellt huet. Wéi mer méi wäit nach wäerte gesinn, ass dee Montant iwwrigens räichleg mickreg am Vergläich zu deem, wat een an eisen Nopeschlänner ka vun de Steieren oofsetzen!

Am Frankräich, an der Belsch an och an Däitschland ginn et Firmen, déi sech – deelweis esouguer vum Stat gefördert – drop spezialiséiert hunn, Privatleit ze ënnerstëtzen, net nëmmen bei Haushaltsaarbechten, mee och bei allen anere Problemer, wou een Hëllef brauch, déi hei am Land hëchstens vum C.I.G.L. fir al an handikapéiert Leit ugebuede ginn oder vun Servicer déi nëmme bezuelbar sinn, wann d'Flegeversécherung se matfinanzéiert.

Dat Ganzt funktionnéiert bei eisen Noperen ouni bor Geld, mee mat sougenannten „titres-services", déi ee bei autoriséierten Firmen ka kafen esou wéi een an der Schwemm oder am Fitnesscenter e Carnet keeft wou een da bei all Besuch een Ticket draus ofgëtt. Deelweis funktionnéiert dat jo och schon hei am Land mat den „chèques-repas". Bei den S.A.P. (service à la personne), wéi d'Fransousen et nennen, gitt Dier einfach der Botzfra oder dem Gärtner fir all Aarbechtsstonn esou e Scheck, deen hien bei där Firma, déi hien oder si bezuelt, oofliwwert.

Wat kaschten esou Dingschtleechtungen am Ausland?

16 Euro pro Stonn freet eng franséisch Firma, de Stat iwwerhëllt awer 50% bis zu engem Maximum vun 12.000 Euro, woubäi nach 1.500 Euro pro Kand oder Persoun vun iwwer 65 Jor derbäi kommen, esou dat am Frankräich eng Botzfra Iech nëmmen 8 Euro pro Stonn kascht, ouni Steieren oder Soziallaaschten well déi gi vun der Firma iwwerholl, déi d'Personal zur Verfügung stellt. Och an der Belsch kascht eng professionnel Hëllef nëmmen 7 Euro respektiv 4,69 Euro netto well de Stat och hei d'Rechnung vun der Firma als vun den Steieren oofsetzbar akzeptéiert.

Op däitschen Internetsäiten ass et méi schwiereg, konkret Präisser gewuer ze ginn, mee och do gëllt awer: De Client brauch sech ëm keng administrativ Démarchen ze këmmeren a ka sécher sinn, dass hien regelmässeg Hëllef geleescht kritt, och am Krankheetsfall, an dass déi professionnel Hëllef vun de Steieren kann oofgesat ginn. D'Auswanderen an d'Ausland rentéiert sech also net nëmmen wéinst deenen gënschtege Grondstéckspräisser. Oder bréngt Lëtzebuerg et awer nach ronn, ganz séier an allen Hinsichten senge Bierger méi Service unzebidden, fir dass et sech rentéiert, nach hei ze bleiwen? › Lucy Lux